LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 3 février 2020

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
03 FEV. 2020

Réf. : Co/Q1697-02/SW-rg

**Objet:** **Question parlementaire N° 1697du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Étienne Schneider

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000010-20040525-FR

**Réponse de Monsieur le Vice-Premier ministre, ministre de l'Économie, Étienne Schneider, à la question parlementaire n°1697 de Monsieur le député Fernand Kartheiser au sujet des enquêtes menées par le STATEC**

Déi aktuell Gesetzgebung zum Dateschutz berout zum groussen Deel um Dateschutzreglement vun der EU, dem *Règlement Général sur la Protection des Données (UE) 2016/679* (« RGPD »). Dëst Reglement definéiert eng ëffentlech Instanz wéi de Statec als verantwortlech fir den Traitement vun den Donnéeën, wann se d'Finalitéiten an d'Mëttele vun dësem Traitement definéiert. De STATEC definéiert eng Rei vun dësen Traitements-Mëttelen a Finalitéiten am Gesetz vum 10 Juli 2011 zu der Organisatioun vum nationalen Institut fir Statistiken an ekonomesch Studien, wou dem Statec en Enquête-Recht zougesprach gëtt, an d'Méiglechkeet fir déi, déi statistesch Informatioune musse liwweren, ze sanktionéiere wann se refuséieren un den Enquêten Deel ze huelen.

D'RGDP verbitt bei wäitem net d'Traitementer vun Donnéeën am Fall wou d'Leit gehale sinn hir Donnéeën ze liwweren, et insistéiert awer op d'Proportionalitéit vun de Mesuren déi vis-a-vis vun de betraffene Leit geholl gi fir se dozou ze zwéngen. De STATEC notzt seng Prérogative wat säin Enquête-Recht an d'Sanktiounen ugeet ganz moderat a respektéiert esou de Prinzip vun der Proportionalitéit. Et geet net drëm ze bestrofen oder ze schikanéieren, mee éischter dorëm den Zousproch an d'Verständnis vun de Bierger ze gewanne fir en performanten, objektiven a wëssenschaftlech fundéierte statistesche System. Ouni eng massiv Participatioun vun der Bevëlkerung bei den Enquêtë vum Statec géif déi wëssenschaftlech Qualitéit vun den Extrapolatioune vum Statec verluer goen. D'Bestëmmunge vum Gesetz vum 10 Juli, an och d'Artikele 14 a 15 dovunner, si mat der aktueller Dateschutzgesetzgebung vereenbar an et ass net néideg eng Ofännerung vun dësem Gesetz virzegesinn.

De Statec forméiert all seng Mataarbechter, a méi speziell déi déi beoptraagt sinn dat Enquête-Recht auszeüben, wat d'Reegelen an d'Obligatioune vum Dateschutz ugeet, sief et betreffend d'Donnéeë vun Haushälter oder vu Betriber. D'Fonctionnairen ënnerleien dem Statut vun de Staatsbeamten, an dat statutarescht Gesetz vum Statec gesäit de statistesche Sekret vir, sou wéi och Sanktiounen a Fäll wou dësen net respektéiert gëtt. Och intern ginn d'Agenten iwwert hier Obligatioune wat d'Confidentialitéit an de Secret professionell ugeet informéiert.

De Statec huet fir all Erhiewungswell vu sengen Enquêten d'Äntwerte vun engem ausgewielten Echantillon vun Haushälter. D'Donnéeë vun all eenzel Erhiewungswell erginn ee Fichier. D'Donnéeën déi et erlaben d'Persounen ze identifizéieren (Nimm, Adressen) ginn am Fichier definitiv geläscht esou bal se fir de Prozess vun der Hierstellung vu Statistiken net méi noutwendeg sinn. Déi anonymiséiert Donnéeë gi vun de Mataarbechter vum Statec ausgewäert a benotzt fir sozial a wirtschaftlech Indicateuren ze rechnen, sou wéi d'Missioun vum Statec et virgesäit. Et kennt och vir dass ënner-Ensembele vun dësen anonymiséierten Donnéeën Eurostat oder unerkannte Fuerschungsequippen zur Verfügung gestallt ginn, dës ëmmer ënnert staark ofgesécherte Bedingungen.

Well d'Participatioun vun den Haushälter an den Enquêten zefriddestellend ass an eng gutt Representativitéit vun den Enquêtë garantéiert, huet de Statec nach keng Plainte géint eng Privatpersoun gemaach déi net op d'Enquête geäntwert huet. Et ass awer scho virkomm, dass de Statec eng Plainte géint e Betrib agereecht huet dee refuséiert huet op eng vun den Enquêten ze äntweren.

Déi Länner an deenen d'Deelhuelen un de statisteschen Enquêtë fräiwëlleg ass, hunn eng wäit méi grouss Bevëlkerung wéi Lëtzebuerg. Et ass mathematesch noutwendeg dass den Echantillon net ze kleng ass fir dass d'Resultat vun de Statistike ka representativ sinn. Wann d'Deelhuelen un den Enquêtë fräiwëlleg wier, géif en staarke Risiko bestoen dass d'Representativitéit vun de Resultater net méi gi wier, esou dass net envisagéiert ass d'Obligatioun fir un Enquêten deelzehuelen of ze schafen.

Bei verschiddenen Enquêtë vum Statec kréien d'Haushälter déi matmaachen eng finanziell Entschiedegung, dëst ass zum Beispill de Fall fir d'Enquête « Budget des ménages » an déi europäesch Enquête zu de Revenuen an de Liewensbedingungen (EU-SILC).